

ner profitéiere bei den Zousazrenten, well eben hir Liewenserwaardung méi kuerz ass.

De Commissariat aux assurances muss dëst bestëmmen, déi Facteuren zesumme-stellen an och regelméisseg aktualiséieren. Déi ënnerleien enger bestänneger Kontroll vun der Europäescher Kommissioun. Et ass also net eppes, wat een iergendwou do kann erfannen an dann emeil soen: Dat schreiwe mer elo sou. Mä et ass d'Europäesch Kommissioun, déi dat kuckt. Bis 2010 muss d'Kommissioun och dem Euro-paparlament an dem Conseil e Rapport maachen iwwert d'Uwendung vum Ge-schlecht bei de Facteur-actuarielen an deene respektive Memberstaten. Op dëse Rapport hi kann d'Kommissioun Ännerungs-propositiounen vun der Direktiv virschloen.

Lëtzebuerg muss also och no fënnef Joer seng Décisiounen iwwerpräiwen op Basis vum Rapport vun der Kommissioun, an da kucke wat do derzou décidéiert gëtt. Da gesäit een, ob mer virufuere mat deene Klauselen an deenen „opting out“-Klauselen oder net, oder firwat mer eis décidéie-ren.

Dir Dammen an Dir Hären, nach eng kéier hätt ech léiwer och gehat wa mer méi Zäit gehat hätten, fir kënnen iwwer eng ganz Partie vu Froen hei ze diskutéieren. Nächst verhénnert, fir ze gesinn - och wann dat hei-ten ee Joer besteet -: Dat doten ass gutt gaangen, dat doten ass manner gutt gaan-gen, datt een da seet: Ma da changéiere mer dat Gesetz. Do sinn anerer, déi mer changéieren. Dat heiten ass net - ech weess net - eent, wat ni méi därerf geännert ginn. Esou datt ech denken, wann een dat wëllt maachen, datt een dat jo dann och am nächste Joer ka maachen, an datt mer dat an aller Rou kënnen maachen, esou wéi mer aner Projeten an aner Propositionen am-gange sinn ze iwwerdenken, an ze kucke wéi mer méi dodranner kënnen kréien, ouni datt dat onbedéngt och mat enger Direktiv eppes ze dinn huet.

Mä op jidde Fall wär ech frou, wann awer d'Leit sech dat géifen iwwerleeën, ouni wë-len ze soen, datt een dat elo muss stëm-men. Mä ech wär op jidde Fall frou wa mer awer eng Majoritéit hei fir dee Projet géife kréien.

Merci.

» Plusieure voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Ja-cobs.

Mir kommen dann zur Ofstëmmung. Mir si fir d'éischt konfrontéiert mat den Amendemen-ter, déi déi honorabel Madame Loschet-ter déposéiert huet. Mir stëmmen der Rei no of iwwert déi zwee Amendementer, an da stëmme mer iwwert de Projet de loi of.

Amendement 1

De Vote fänkt un iwwert d'Amendement 1 betreffend de Punkt 4 vum Artikel 3.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt mat 39 Nee-Stëmmen, bei 8 Jo-Stëmmen an 12 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mme Lydie Err;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par Mme Chris-tine Doerner), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. John Castegnaro), MM. Ro-ger Negri, Jos Scheuer et Roland Schreiner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Se sont abstenus: Mme Vera Spautz;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par Mme Anne Brasseur), Mme Colette Flesch (par M. Alexandre Krieps), MM. Charles Goerens, Henri Gre-then (par M. Charles Goerens), Paul Helmin-ger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

M. Aly Jaerling.

Amendement 2

Mir stëmmen dann of iwwert den zweeten Amendement vun der Madame Loschetter, dee virgesäit, fir en neien Artikel 15 bäize-flécken. De Vote iwwert dësen Amendement fänkt un.

Vote

Den Amendement ass ofgelehnt mat 49 Nee-Stëmmen, bei 2 Abstentiounen an 8 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mme Lydie Err;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Ont voté non: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par Mme Christine Doerner), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lu-cien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Marc Angel), MM. Roger Negri, Jos Scheuer et Roland Schreiner;

M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xavier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes);

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: Mme Vera Spautz;

M. Paul Helminger.

Mir stëmmen dann iwwert de ganze Projet de loi of, esou wéi en an den Texter propo-séiert gëtt.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5739 ass ugeholl mat 36 Jo-Stëmmen, bei 1 Nee-Stëmm an 21 Abstentiounen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Ma-rie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Mar-cel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Fran-çoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marcel Oberweis), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lu-cien Weiler et Michel Wolter (par M. Lucien Clement);

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par Mme Claudia Dall'Agnol), John Castegnaro, Mme Claudia Dall'Agnol, MM. Fernand Diederich, Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par M. Roger Negri), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz.

A voté non: M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Xa-vier Bettel), Mme Colette Flesch (par Mme Anne Brasseur), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Paul Helminger, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen (par M. Jacques-Yves Henckes).

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen dann zum nächste Projet de loi. Dat ass deen iwwert d'Schafung vun enger Adminis-tratioun vun der Navigation aérienne. Et sinn ageschriwwen bis elo: den Här Spautz, d'Ma-dame Brasseur, den Här Braz an den Här Henckes. D'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den honorabelen Här Roland Schreiner. Här Schreiner, Dir hutt d'Wuert.

8. 5742 - Projet de loi portant

a) création de l'Administration de la navigation aérienne

b) modification de - la loi mo-difiée du 22 juin 1963 fixant le régime des traitements des fonctionnaires de l'État; - la loi modifiée du 19 mai 1999 ayant pour objet a) de régle-menter l'accès au marché de l'assistance en escale à l'aé-roport de Luxembourg; b) de créer un cadre réglementaire dans le domaine de la sûreté de l'aviation civile, et c) d'ins-tituer une Direction de l'avia-tion civile; - la loi du 26 juillet 2002 sur la police et sur l'ex-ploitation de l'aéroport de Luxembourg ainsi que sur la construction d'une nouvelle aérogare;

c) abrogation de la loi modi-fiée du 26 juillet 1975 portant création de l'administration de l'Aéroport

Rapport de la Commission des Trans-ports

» M. Roland Schreiner (LSAP), rap-porteur.- Merci, Här President. Här Presi-dent, Här Minister, léif Kolleeinnen a Kol-leegen, de Projet de loi 5742, dee mer haut hei diskutéieren, an deen ech d'Éier hunn am Numm vun der Transportkommissioun ze rapportéieren, huet zum Zil virum Han-nergrond vun der Liberaliséierung vum europäesche Flugwiesen déi bestoend Admini-stration de l'aéroport aus dem Joer 1975, wat eng staatlech Verwaltung ass, ëmze-wandelen an eng nei Verwaltung, ënnert dem Numm «Administration de la naviga-tion aérienne».

Déi nei Verwaltung, déi eng staatlech Ver-waltung bleift, wäert awer net nëmme just en neien Numm hunn - den Numm ass ei-gentlech zweetrangeg -, mä wäert virun al-lem virum Hannergrond vun den europäesche Bestëmmungen ab dem 1. Ja-nuar 2008, anescht wéi bis elo, mat enger separater Gestioum um finanzielle Plang funktionéieren. Mat dësem Gesetzesprojet passt sech eis Regierung de communautä-ren Exigenzen am Kader vum Ciel unique européen un. De Ciel unique européen ass e Paquet vu véier europäesche Reglemen-ter, déi schonn am Mäerz vum Joer 2004 ugeholl gi sinn.

Här President, grad wéi a villen anere Beräi-cher, ginn och am europäesche Flugwiesen déi national Grenze lues a lues opgehue-wen. Schon Enn vum Joer 1999 huet d'Europäesch Kommissioun éischt Proposi-tiounen gemaach, fir en eenheetlechen europäesche Loftraum ze schafen. Dës Initia-tiv ass ausgaange vun der Iwwerleeung an der Feststellung, dass den europäesche Loftraum iwwerlaascht ass, an et dofir hee-feg zu Verspéidungen an natierlech och zu méi héije Sécherheitsrisike kéint kommen. Et ass alichtend, dass een dës Problemer sécher reduzéiere kann, wann d'Gestioun vum Loftverkéier méi rationell strukturéiert gëtt a sech net onbedéngt un nationale Grenzen orientéiere muss, verbounne mam Zil natierlech, fir zousätzlech Capacitéiten ze schafen an déi global Effizienz ze ver-besseren.

Ech hu gesot, am Mäerz 2004 sinn also an dësem Kader véier europäesch Reglemen-ter a Kraaft getrueden, déi eng Rei vu Moosnamen virgesinn, déi derzou solle bäi-droen dësen eenheetlechen europäesche Loftraum ze schafen. Dat éischt ass e Ka-derreglement. Déi aner sinn éischter tech-nesch Reglementer iwwert d'Déngschter vun der Flugsécherung, iwwert d'Organisa-tioun an d'Benotzung vum Loftraum an iwwert d'Interopérabilitéit am europäesche Réseau fir d'Gestioun vum Flugverkéier.

Primäert Zil vun dëse Mesuren ass et, wéi ech et scho gesot hunn, fir den europäesche Loftraum méi effizient ze notzen,

d'Capacitéiten ze erhéien an déi allgemeng Sécherheet ze verbessern. Dat Ganzt be-rou, an dat ass e ganz wichtege Prinzip vun der Strategie vum Ciel unique européen, op enger ganz klorer an däitlecher Trennung tëschent deene jeeweilegen nationalen Au-toritéiten, déi fir d'Iwwerwaachung an d'Ré-gulatioun zoustänneg sinn, an deene ver-schiddenen Acteuren, den Déngscht-leeschter, déi op de Flughäfen an am Flug-wiesen tätég sinn.

Déi véier Reglementer sinn awer och ze ge-sinn am Kontext vun der Liberaliséierung vun den Déngschtleeschtingen am Beräich vum Flugverkéier generell. Domat verbounne sinn dann och Moosnamen vun der Europä-escher Unioun, fir d'Konkurrenzverzerrun-gen ze verhënnern, an de Prinzip vum Usager-payeur ze generaliséieren. An en-gem Domän, dee bis viru kuerzem nach ganz ënner nationaler Souveränitéit loung, mussen sech d'Memberstaten deemno an Zukunft verstärkt u bestëmmte Regeln halen.

Här President, fir eis Lëtzebuenger Struktu-ren un déi nei Situatioun unzepassen, hat de Regierungsrot schonn den 11. Juni vum Joer 2004 décidéiert, dass eng ganz kloer Trennung tëschent engersäits der Autoritéit, déi fir d'Régulatioun an d'Iwwerwaachung zoustänneg ass, an anerersäits den Déngschtleeschter komme misst. Dat be-deit konkret, dass d'Missiounen vun der Di-rection de l'Aviation civile, déi fir d'Iwwer-waachung an d'Régulatioun zoustänneg ass, vun deene vun der Flughafeverwaltung an och vu lux-Airport kloer mussen ofge-grenzt ginn an déi verschidde Verantwort-lechkeeten ajustéiert respektiv nei définéiert ginn.

Ech wëll an deem Kontext drun erënneren, dass och d'Chamber de Mäerz 2005 sech dëser Positioun ralliéiert huet an an enger Motioun festgehalten huet, an ech zitéieren: «confirme le Gouvernement dans sa volonté de veiller dans le domaine de l'aviation ci-vile à une distinction nette entre les fonc-tions normatives et de contrôle, d'une part, et celles relatives aux prestations de ser-vice, d'autre part, tout en promouvant paral-lèlement le renforcement de la culture de sécurité impliquant l'ensemble du secteur de l'aviation civile».

Fir am Dialog mat allen Acteuren d'Proble-matik unzegoen, huet den Transportminister am Mee vum Joer 2006 d'Acteuren alle-guerten aus dem nationale Flugwiesen op en Hearing ënnert dem Titel „fir een zu-kunftsfaege Findel“ invitéiert gehat, fir si iwwert d'Erausforderungen, virun déi eis déi nei EU-Bestëmmunge géife stellen, ze infor-méieren a fir verschidden Optiounen an deem Kontext ze diskutéieren.

An deene Méint duerno goufen a ville Ré-uniounen op verschiddenen Niveauen och verschidden Zeenarien analyséiert, woubäi eng Fro ëmmer erëm opgetaucht ass, näm-lech déi vun der juristescher Form vun där neier Flughafeverwaltung mat zwou Optiou-nen: engersäits déi vum Établissement pub-lic an op där anerer Säit déi vun der staat-lecher Verwaltung. Am Verlaf vun den Dis-kussiounen mat deene verschiddenen Ac-teuren, wou och d'Transportkommissioun een dovou war, huet sech dunn erauskristalli-séiert, dass, fir den europäeschen Exigence gerecht ze ginn, awer och fir verschiddenen Uleiese vun de Sozialpartner Rechnung ze droen, d'Form vun der staatlecher Verwal-tung appropriéiert wier, awer als Service de l'État à gestion séparée, fir op déi Manéier d'Transparenz um Niveau vun de Finanzen an der Kontabilitéit esou ze gewährleeschte wéi d'europäesch Normen et virgesinn a vir-schreiwen.

De Regierungsrot huet sech dann och den 1. Dezember vum leschte Joer fir dës juris-tesch Form vun der neier Struktur ausge-schwat. Eng separat Kontabilitéit an der Flughafeverwaltung ass noutwendeg fir ga-rantéieren ze kënnen, dass an Zukunft d'Flughafendéngschter iwwert d'Redevan-cen, déi vun den Utilisateurs bezuelt ginn, gedeckt kënnen ginn, esou wéi d'Europäesch Unioun dat och verlaangt.

Et geet dann och drëm fir an der interner Kontabilitéit d'Käschten an d'Revenuen, déi sech op d'Flughafendéngschter bezéien, ze ventiléieren, d'Konte regelméisseg Auditen ze ënnerzéien, d'Finanzkonten ze publi-zéieren, e jährleche Rapport ze veröffentle-chen a fir all déi aner Déngschtleeschtingen, déi net direkt eppes mat der Flug-sécherung ze dinn hunn, consolidéiert Kon-ten ze presentéieren.

Ech hu gesot d'Käschte vun de Flughafen-déngschter mussen sech iwwert d'Rede-vancé finanzéieren, woubäi de Kader vum System vun der Tarificatioun zimlech prezis iwwert d'europäesch Bestëmmungen defi-néiert ass. Esou muss de Coût vun deene verschiddenen Déngschtleeschtinge fir all



Service separat fixéiert ginn. D'Subventions croisées si prinzipiell net méi méiglech oder héchstens aus präzisen objektiven Ursachen eraus nach erlaabt, an d'Transparenz vun der reeller Käschteberechnung muss garantéiert sinn. D'Modalitéite vun dësem System ginn duerch een europäescht Règlement vum 6. Dezember aus dem Joer 2006 definéiert.

Här President, fir déi nei Administration de la navigation aérienne wäert et sécher eng ganz grouss Erausfuorderung ginn, fir elo an deenen nächste Joren e Plan d'entreprise opzestellen, deen och iwwer mindestens fénnef Joer muss lafen an dee kloer Objektiver festleet um Niveau vun der Gestiou vum der Sécherheet, um Niveau vun der Qualitéit vun den Déngschtleeschturen an och um Niveau vun der Verbesserung vun der globaler Effizienz.

Dass dozou och déi néideg Personaleffektiver müssen do sinn, dat versteet sech vum selwen. Am Budgetsgesetz fir d'Joer 2008 ass jo och schonn den Engagement vun zousätzlech Personal, weinstens zum Deel, virgesinn.

Den Handlungsspillraum, deen d'europäesch Bestëmmunge bei der Tarification léisst, ass eigentlech net grouss. Et muss also hei elo drëm goe fir dee richtegen Equilibre ze fannen tëschent de Contrainten, déi d'EU eis operleet, an de Besoine vun deene verschiddenen Acteurë vum Findel, well dee muss jo konkurrenzfäeg bleiwen, ouni dass Ofstrécher bei der Sécherheet an der Qualitéit musse gemaach ginn. Dat ass ganz sécher e Spagat, deen ze maachen ass, fir engersäits d'Redevancen esou ze aménagéieren, dass se déi ufalend Käschten ofdecken, a se gläichzäiteg op esou engem Niveau ze halen, dass eise Flughafe konkurrenzfäeg am internationale Verglach a virun allem och an der Groussregion bleift.

De Projet de loi hält dann och eng ganz kloer Trennung fest tëschent de Missioun vum der neier Administration de la navigation aérienne an der lux-Airport S.A., deem zweeten Acteur am Flughafen. Woubäi een et esou kann duerstellen - e bësse plastesch -, dass alles wat sech an der Luucht ofspillt an eppes mat Sécherheet ze dinn huet an de Kompetenzberäich vun der ANA, der neier Verwaltung fällt, an alles wat zu den Aktivitéiten um Buedem zielt, zum Zoustännegkeetsberäich vun der lux-Airport ze rechnen ass, mat Ausnahm allerdéngs vum Entretien, dem Balisage vun de Pisten an och dem Rettungswiesen, déi bei där neier Flughafenverwaltung wäerte bleiwen.

Eng kloer Trennung, ech hunn dat schonn éinescht gesot, gëtt et dann och a muss et och ginn zur Direction de l'Aviation civile, déi d'Aufgab huet d'Applikatioun vun der Réglementatioun an de communautären Exigenzen am Kader vum Ciel unique européen ze iwwerwaachen a sécherzestellen. Si stellt och déi néideg Certificatiounen aus, wa sech conforméiert gëtt, mä si kann och déi Certificatiounen erëm entzéien, wann een Acteur sech net un d'Spillregelen hält.

Voilà, Här President, ech mengen dat wär et gewiescht. Am Résumé kann ee soen, dass mer mat dësem Projet de loi d'Viraussetzunge schafen, fir eis um Niveau vun der Onofhängegkeet, der Transparenz an och der Verantwortung dem europäesche Recht ze conforméieren a sécherzestellen, fir dass mer och an Zukunft eng bedeitend Roll am internationale Flugwiese spille kënnen.

Dofir wier ech frou, Dir Damen an Dir Hären, Här President, wann dëse Projet de loi d'Zoustëmmung vun alle Fraktiounen fanne kéint. Ech ginn op alle Fall am Numm vu menger Fraktioun d'Zoustëmmung zu dësem Projet de loi.

Merci!

» **Plusieurs voix.** - Très bien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Rapporteur. D'Wuert huet elo den honorabelen Här Marc Spautz.

#### Discussion générale

» **M. Marc Spautz (CSV).** - Här President, Kolleginnen a Kollegen, duerch de Projet de loi 5742 gëtt de legale Kader vun der aktueller Flughafenverwaltung un déi aktuell europäesch Normen a Virschreften ugepasst. Et handelt sech heibäi ëm Mesuren, fir een eenheetlechen europäesche Loftraum ze schafen, mam Zil d'Sécherheet ze verbessern an ze stäerken, esou wéi den europäesche Loftraum ze restrukturéieren.

Et ass awer net fir d'éischt, dass mir eis national Gesetzgebung iwwert de Fonctionnement an d'Exploitatioun vum Lëtzebuerger Flughafen adaptéiere müssen. De legale Kader huet schonn e puer Joer um Bockel an ass an der Vergaangenheet ëmmer erëm op verschidde Punkten ofgeännert respektiv erweidert ginn.

Ugefaangen huet alles mam Gesetz vum 26. Juli '75. Deemools gouf d'Administration vum Flughafen geschaffen. Dës Verwaltung géréiert haaptsächlech déi technesch an operationell Infrastrukturen am Flughafen. Dorënner falen ënner anerem all déi Servicer, déi vun der Organisation de l'aviation civile internationale, kuerz d'OACI, virgeschriwwen sinn an déi e Flughafen muss virweisen, fir de Statut vun engem internationale Flughafen ze kréien. D'Administration regelt zum Beispill och de Flugverkéier an eise Loftraum, assuréiert awer gläichzäiteg de Service météorologique vum Flughafen, genausou wéi de Service radiotechnique oder de Service Incendie.

Am Joer 1999 koum et bedéngt duerch ënner anerem eng europäesch Direktiv zu enger Neierung. Dat Joer gouf d'Direktioun vun der ziviler Aviatioun geschaf. Si kontrolléiert a koordinéiert d'Aktivitéite vun de verschiddenen Opérateuren um Findel. D'Autorisatiounen an d'Austelle vun de Lizenze fir Fluggesellschaften an d'Piloteschäiner falen och an hire Kompetenzberäich.

2001 gouf d'Société de l'Aéroport, och nach lux-Airport genannt, gegrënnt, déi d'Exploitatioun vum Flughafen Findel no privatwirtschaftleche Kritäre géréiert. Dës Bedreiwergesellschaft dréit och ab Abrëll 2008 d'Responsabilitéit fir déi nei Aérogare.

Et ass net einfach d'Kompetenzverdeelung bei deenen eenzelne Strukturen a Verwaltungen ze iwwerblécken, an heiansdo huet ee Problemer erauszefannen, wéi eng Administration dann elo fir wat genee um Flughafen responsabel ass.

Haut setze mir dann elo de Paquet Ciel unique européen ëm, deen op enger klorer Trennung tëschent dem Prestataire de services de navigation aérienne an der nationaler Iwwerwaachungsinstanz berout.

Mir profitéieren awer och vun der Situatioun, fir an dësem Gesetz kloer Missiounen a Responsabilitéite vun der heiteger Direktioun vun der ziviler Aviatioun an der Flughafenverwaltung ze definéieren. D'Flughafenverwaltung, déi an Zukunft d'Administration de la navigation aérienne heescht, kritt des Weidere souwuel en organisatoresche wéi och e finanzielle Kader definéiert.

Déi nei Lofftaartverwaltung séchert elo exklusiv all déi Servicer, déi vun der Europäescher Communautéit virgeschriwwen sinn. Dës Verwaltung ass dann zum Beispill responsabel fir d'Radarinstallatiounen, d'Iwwerwaachung vum Loftraum, regelt de Flugverkéier um Buedem an an der Loft; si kontrolléiert ausserdeem d'Anhale vun Aflugschneisen an d'Kaméidigrenzwärter, gëtt Start- a Landeerlaabnis an ass responsabel fir den Entretien vun de Pisten an esou weider an esou fort. Hir Missiounen si ganz ënnerschiddlech a ginn am Detail am Artikel 2 vum Gesetzesprojet opgezielt.

De Rapporteur vum Projet de loi, de Roland Schreiner, deem ech am Numm vun der CSV-Fraktioun fir säi schrëftlechen a mëndleche Rapport wëll félicitéieren, huet dat scho virdrun erloutert.

Kontrolléiert ginn déi sëllech ënnerschiddlech Missiounen vun der neier Lofftaartverwaltung vun der Direktioun vun der ziviler Lofftaart. Si ass déi national Kontrollinstanz, déi d'Ëmsetze vum eenheetlechen europäesche Loftraum iwwerwaache soll an agräift, wann eppes net esou leeft, wéi et soll lafen.

Nach e puer Wuert iwwert d'Personal. Ech hoffen, dass déi nei Lofftaartverwaltung mat deem noutwendegen a qualifizéierte Personal ausgestattet gëtt, fir all déi Missiounen ze erfëllen, déi hir duerch dëst Gesetz operluecht ginn.

Och soll méi Dialog gefouert ginn, fir déi bestehend Problemer beschtméiglech unzegoen an ze léisen. De Minister Lucien Lux huet déi lescht Wochen a Méint jo och e puer Mol mat deene jeeeweilege Personalvertrieder Diskussiounen gefouert, fir verschidde Problemer, déi nach am Raum stoungen, aus der Welt ze schafen.

Ech mengen, mir kënnen eis et net nach eng kéier erluben a leeschten, dass eise Flughafen wéi d'lescht Joer an de Fokus vun der internationaler Press geréit, dass do Sécherheetsbestëmmungen net géifen agehale ginn. Dir kënt lech alleguerten nach dodrun erënneren.

No intensive Kontrolle goufe mir vun der OACI-Instanz kritiséiert a gerügt, well duerch den aktuelle Personalmangel an aner Mëssstänn déi international Sécherheetsstandarden net méi erfëllt waren. Mir ware kuerz virdrun, de Statut vun engem internationalen Flughafen ze verléieren. Dëst wär wirtschaftlech a fir den Image vum Standuert Lëtzebuerg eng absolut Katastroph gewiescht. Esou eppes dierf an Zukunft net méi passéieren.

Ech wëll och vun dëser Plaz aus deene Leit all Merci soen, déi dozou bäigedroen hunn, dass mer all déi Sécherheetsmängel, déi do waren, schnellstméiglech konnte behiewen, an ech hoffen, dass mat dësem Gesetz Kloerheet geschafe gëtt, fir dass jiddfreen an Zukunft weess, wou seng Kompetenzen a besonnesch wou seng Responsabilitéite leien. Eng effikass Gestiou an Exploitatioun vun eise Flughafen ass wichteg fir eis Ekonomie an och fir eist ganz Land.

Dat gesot, soen ech lech Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der CSV-Fraktioun.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Spautz. D'Madame Brasseur huet d'Wuert.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - Här President, Dir Damen an Dir Hären, wann alles gesot ass, muss een et net nach eng kéier widderhuelen. De Rapporteur, deem ech wëll félicitéieren, dee war esou komplett...

» **Une voix.** - Très bien.

» **Mme Anne Brasseur (DP).** - ...a sengem Rapport, deen en der Chamber do gemaach huet am Numm vun der Kommissioun, an den Här Spautz huet dat nach eng kéier widderholl, sou dass ech deen Exercice net nach eng kéier wäert maachen.

Ech wëll lech just soen, dass ech den Accord vun der DP-Fraktioun zu dësem Projet bréngen.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Madame Brasseur, fir déi kloer an däitlech Ausso. Här Braz, Dir hutt d'Wuert.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci. Ech wëll awer dann och probéieren dat kuerz ze halen. Ech spieren dofir en allgemeine Wunsch am Sall, Här President, ausser Dir widderspricht mer.

Fir d'éischt wëll ech am Numm vun der grénger Fraktioun dem Rapporteur, dem Här Schreiner, Merci soe fir säi schrëftlechen a mëndleche Bericht. En huet schonn op all déi Saachen higewisen, op déi ech dann net nach eng kéier wëll agoen, notament op den europäesche Kontext „Open Skies“ an dat, wat hei d'Obligatiounen waren, déi mer ze respektéieren haten an déi mer elo mat dësem Gesetz dann och wäerte respektéieren.

Ech wëll awer trotzdem zwee Wuert soen, fir nach op zwou Saachen anzegoen. Déi éischt, well vläicht eiser Meenung no e bëssen ze séier iwwert déi Diskussioun ewechgaangen ass, déi mer gefouert hunn, ier mer eis schlussendlech géeenegt hunn op eng Administratioun.

Ech wëll rappeléieren, dass et déi initial Absicht war vun der Regierung a vun der Majoritéit, fir en Établissement public ze grënnen, wou et Argumenter dofir awer och do géint gëtt eiser Meenung no, wou awer och vill Zäit verluer ginn ass. A mir hunn an dësem Dossier net esou schrecklech vill Zäit a Sputt am Moment, an et ass eigentlech schued, dass mer zu deem Zäitpunkt relativ vill Zäit domadder verbruecht hunn, eis doriwuer ze ënnerhalen, ob dann elo déi europäesch Direktiven en Établissement public, also eng Gestiou ausserhalb vun der klassescher Verwaltung géife virschreiwene oder net. Doriwuer ass laang diskutéiert a polemiséiert ginn zum Deel tëschent der Verwaltung an och de Personalvertriedungen um Findel.

Hannert deem Argument vun der Obligation, fir eng Trennung ze maachen, war schlussendlech net schrecklech vill, an dat hätt een och kënnen éischter erausfannen, dann hätt ee méi fréi schonn op ee méi einvernehmleche Wee kënnen goen an déi Solution zréckbehalen, déi mer elo hunn, nämlech där vun enger Verwaltung, wat eiser Meenung no als gréng Fraktioun de richtige Wee ass.

Hei geet et och ëm Froen, déi mat der Souveränitéit ze dinn hunn, a mir waren eigentlech der Meenung, dass - ouni Schwarz-Wäiss-Molerei ze bedreiwen - déi Solution, déi mer hei hunn, déi ass, déi eis Präferenz huet, an dat hu mer och an engem fréie Stadium vum Dossier scho gesot.

Wat mer also haut maachen, ass d'Ofschafen vun der Administratioun, déi mer am Findel hunn, an d'Schafen vun enger neier Verwaltung, déi sech also mam Ëmsetze vun den Direktive muss ofginn.

Den Här Schreiner huet gesot, domat hätte mer d'Viraussetzunge geschafen, déi an der Direktiv verlaangt sinn. Dat ass richtig, mä awer nëmmen deelweis richtig, well en Deel vun de Viraussetzungen, déi et ze schafen gëtt, sinn nach net geschafen. Wuel ass den Text noutwendeg, mä et sinn nach eng Partie Froen, déi gekläert musse ginn.

D'Gesetz, esou wéi mer et elo hunn, erlaabt jo och op verschiddene Punkten eng relativ grouss Flexibilitéit.

Wa mer den Artikel 4 liesen, deen d'Zesummenaarbecht erlaabt och mat externe souwuel Personnes physiques wéi Personnes morales, sief et de droit privé, sief et de droit public, da gesi mer awer, dass, trotzdem et eng Verwaltung ass am eigentlech klas-sesche Sënn vum Wuert, hei awer eng Verwaltung geschafe gëtt, déi all déi Flexibilitéiten huet, déi ee brauch, fir kënnen op engem Marché ze operéieren, wou et weltwäit Enjeuë gëtt a wou een net ëmmer all Know-how an engem relativ klengen Haus wéi dem Lëtzebuerger Findel-Haus kann hunn.

Eng Fro, déi mer dem Minister awer wollte stellen, oder e Strang vu Froen, vun deene mer och mengen, dass eng Äntwert op si misst kommen, dass ass déi Fro vun den Zertifikatiounen. Wann ee seet, mir hunn Direktiven a mir hunn ee Gesetz, wat déi ëmsetzt, mir schafen elo eng Administration de la navigation aérienne, domat sinn en Deel vun de Viraussetzunge geschafen, den Här Schreiner huet et wéi gesot schonn ënnerstrach, da muss allerdéngs dat, wat do geschafe gëtt, och certifiéiert ginn. Et muss also unerkannt ginn no bestëmmtene Regeln, dass dat, wat mer geschafen hunn, an dat, wéi et an der Praxis funktionéiert, och de Regeln alleguerten entsprécht, net nëmmen um Pabeier, net nëmmen an der Theorie, mä och tatsächlech an der Praxis vun deem, wat do uewen ass.

Mir hate jo schonn emol Problemer. Et ass nach net esou laang hier, wou um Niveau vum lux-Airport et Problemer gouf, well mer jo fir eng kuerz Zäit a par rapport zu den däitschen Noperen als non-Schengen deklaréiert gi waren, wat eis eng Partie Misär geschafen huet, wat mer glécklecherweis geregelt kritt hunn, mä mir hunn elo nach e puer aner Zertifikatiounen ze maachen. Déi bewege sech am direkte Kompetenzberäich vun der nei geschafener Administration de la navigation aérienne an do fält natierlech och eng grouss Roll der DAC zou, déi jo hei zu Lëtzebuerg de Régulateur spillt.

Mir wollten de Minister eigentlech froen, wou mer dru si mat deene Zertifikatiounen. Et geet dorëms, dass d'ANA, d'Administration de la navigation aérienne, kann als offizielle „service provider“ certifiéiert ginn, fir am Beräich vun der Navigation aérienne kënnen opzotrieden, also eng Lux-ANSP-Zertifizierung ze kréien.

Dat bedéngt verschidde Saachen. Et ass d'DAC, déi dat ka certifiéieren. Dat bedéngt, dass mer souwuel bei der SMS wéi bei der QMS sämtlech Kritären erfëllen. Mir wëssen, dass mer bei der SMS, dass ass de Safety Management System, also do wou et am breede Sënn vum Wuert ëm d'Sécherheet geet, schonn en Audit am Summer 2007 haten. Deen ass nach net ofgeschloss. Op deen Audit gëtt et keng Äntwert. Dee Ball läit bei der DAC, deen ass nach net gespillt.

Et sinn och verschidde Mängel fonnt ginn, wat ee Findings nennt. Dat sinn nach keng Netconformitéiten, mä aus Findings, déi een net an engem vernünftegen Délai aus der Welt schafft, kënnen Netconformitéite ginn, an da verweise mer eben nach eng kéier op déi non-Schengen-Geschicht, déi mer eis an dësem Beräich sollten erspueren.

Am Beräich vum QMS, vum Quality Management System, si mer och nach net immens wäit komm. Do gëtt et wuel zwou Saachen, déi scho gemaach gi sinn. Dat ass um Niveau vun der Météo an och um Niveau vum AIS, dat ass de Service de la navigation, Plans de vol, etc. Déi hu virun enger Zäitche schonn op Eegeninitiative hi sech mat hirer Zertifizierung beschäftegt. Mä och do gëtt et nach keng definitiv offiziell Äntwert vun deenen, déi et offiziell solle certifiéieren, an et feelen eben nach ëmmer eng ganz Partie Saachen zu deem zweete Volet QMS.

Do sollten, eisen Informatiounen no, an dësen Deeg och op der Plaz Ënnersichunge gemaach ginn. Et ass en Audit gemaach ginn. Do huet d'DAC d'Servicer vu British Standards erbäigezunn. Laut eisen Informatiounen huet dat awer elo net stattfont. An dat ass natierlech net gutt, well et ass awer en Datum am Raum, dee vum 22. Dezem-



ber 2007, wat e Bréisseler Datum ass, an deen ass net schrecklech wäit vun hei ewech.

D’Fro ass also: Wou si mer dru mat den Zertifizierungen, fir déi Lux-ANSP-Zertifizéierung kënnen ze erdeelen?

Um Findel si mer op zwee Punkten net wäit komm an do hu mer am Moment e relativ zolitte Problem. Et wier gutt, wann d’Regierung net nëmme sech géif mam Vote vun dësem Text beschäftegen, mä mat deem, wat um Terrain muss geschéien, fir dass mer kënnen à tout point konform ginn - wat mer am Moment nach net sinn.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien.

» M. le Président.- Merci, Här Braz. Et ass elo kee Riedner méi ageschriwwen, duerfir huet d’Regierung d’Wuert, den Här Minister Lucien Lux.

» M. Lucien Lux, Ministre des Transports.- Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, fir d’éischt emol e Merci och un de Kolleeg Roland Schreiner, deen net nëmmen de Mëtteg, mä och an der Kommissioun eng exzellent Aarbecht gemaach huet, fir dass mer esou schnell wéi et méiglech war an dësem Dossier virukomm sinn. Ech ginn och net méi elo an op déi laang Diskussioun, déi mer gefouert hunn, woubäi, Här Gira, e Sozialdialog, hunn ech geléiert a jonke Joren, ni eng verlueren Zäit ass. An dass mer eis wierklech Zäit geholl hunn, fir eis mat de Vertrieeder vum Personal an Hearingen, an Tables rondes, a Workshops ze ënnerhalen, fir zum gudde Wee ze kommen; dat halen ech nach ëmmer fir gutt investéiert Zäit, an net fir verlueren Zäit.

Et kéint ee jo soen, Här Braz, mir hätten am Laf vun deem ganze Prozess dräi Méiglechkeete gehat, well a sech hate mer d’Méiglechkeet vum Établissement public fir déi hei Verwaltung oder d’Statsverwaltung esou loossen. Mir hunn am Ufank an Hearing zu Beetebuerg souguer och nach geschwat iwwer eng Méiglechkeet, och lux-Airport an déi hei Verwaltung mateneen ze gesinn an engem Établissement public. Mir hu jo viles do vu Méiglechkeeten diskutéiert.

Dir hutt Recht: Bei alle Solutiounen an allen Hypothese gouf et Vir- an Nodeeler. Et war keng, wou et nëmme schwaarz war, an et war keng, wou et nëmme wäiss war. Ech mengen, dass mer en fin de compte, nodeem mer eng grouss Réunioun mam gesamte Personal organiséiert hunn an dat diskutéiert hunn, zur Konkusioun komm sinn, ëmmer erëm ënnert der Virgab, dass dat vu Bréissel och géif esou gesi ginn.

Déi Zäit, déi mer verluer hunn, war jo zu engem gudden Deel fir och erauszefannen, wou dann d’Bréisseler Kommissioun wierklech géif de Perimeter setze fir d’Indépendance vun deem, wat mer hei maachen, vis-à-vis vun deenen aneren Acteuren. Dat wat konform ass zum Audit vu McKinsey, konform ass zu der Motioun, déi mer hei gestëmmt hunn, alles dat huet jo missen erausfonnt ginn.

Ech menge mir hu bal méi Zäit verluer, fir bei der Kommissioun ëmmer och de Go ze kréien a sécher ze sinn, dass mer herno mat där Léisung och géife weiderkommen, dass d’Statsverwaltung mat enger Gestion séparée och vu Bréissel géif als konform ugesi ginn zu de Regele vum Ciel unique. Dee Wee si mer elo gaangen.

Ech muss soen, ech hunn an deene leschten Deeg an deenen Diskussiounen, déi ee féiert, der bei der Représentatioun vum Personal fonnt, déi gesot hunn: Wa mer haut dat esou kucken, da kéint een och denken, den Établissement public wär vläicht awer déi besser Léisung gewiescht. Well mer awer fir eng Rei vu Froen, ënner anerem déi Personalfroen, an der Carcasse vun dem Statsekteur elo bleiwen, an ech soen nach ëmmer - ouni erëm eng kéier d’Diskussioun wëllen opzemaachen; ech mengen, mir schlësse se haut jiddefalls emol fir eng Zäit of -, den Établissement public hätt op deem Beräich sécherlech, wat d’Personal, d’Gestioun vun de Ressources humaines, d’Formatioun, d’Weiderbildung, eng ganz Rei vu Méiglechkeete ginn, an och an der Besoldung vun de Leit hätt een eng Rei vu Fräiheete kritt, déi elo op jidde Fall reduzéiert sinn, wou een an enger Carcasse ass, déi Der kennt, déi net ëmmer einfach ass.

Esou dass ech mengen, dass déi Décisioun, déi mer haut huelen, deen Départage, dee mer musse maachen, deenen eenzelnen Acteurë gerecht gött, a wa mer do e Konsens fonnt hunn, dann ass dat jo och gutt esou.

Wat d’Sécherheet ubelaangt, den Här Spautz huet dat nach eng kéier gesot, mä mäin Appel geet dann awer wierklech u jiddferen an och un hien, wierklech iwwe-all derfir ze suergen - an hien ass jo och nobäi, fir enger Rei vu Leit dat och kënnen weider mat op de Wee ze ginn. Ech mengen hie versteet, wat ech wëll soen, dass, wa mer vu Sécherheet schwätzen, den Appel effektiv geet bei jiddfer eenzelnen Acteur, deen douewen um Site schafft. An duerfir soen ech och vun dëser Plaz all deene Leit do, an dat sinn der jo e puer dausend, dass alles, wat mer maachen a puncto Sécherheet, net derfir do ass, fir d’Leit ze kujenéeieren, mä ënnert dem Drock vun allen Auditen an alle Reglementer vu Bréissel an international einfach noutwendeg ass.

Duerfir ass mäin Appel wierklech deen ze verstoen, dass et net drëm geet, onnéideg d’Leit ze perturbéiere mat Kontrollen hei an do a mat Regeln. Et geet drëm fir ebe just ze verhënnere, dass den Artikel 15 muer erëm eng kéier gezu gött, well dann hoffen ech, dass déi, déi dann iwwer eis hierfalen, och zu deene gehéiert hunn, déi eis haut hëllefen, fir jiddferengem Eenzelnen do uewen ze soen a kloerzemaachen, dass mer eis un déi Regeln do mussen halen, wa mer d’Renommée an de Charakter vun eisem Flughafen och wëllen assuréiert gesein.

Eng lescht Bemierkung da fir op eng Fro ze äntwerten, déi zum Schluss gestallt ginn ass vum Kolleeg Braz, dat ass déi am Zusammenhang mat der Zertifizéierung. Ech mengen dann hätt ech vu mir aus dat Wichtigst gesot, well effektiv, de Kolleeg Roland Schreiner huet dat gutt gemaach.

D’Zertifizéierung ass e wichtege Schrëtt, deen elo ëmzesetzen ass. Och do hänke mer ëmmer hannendrun, well dat och e schwieregt Feld douewen ass. Ech wëll hei keng grouss Detailer zielen, mä dass et um Findel, mat all deenen Acteuren, déi do sinn, och deem privaten Acteur lux-Airport, der Statsverwaltung an esou virun, schwierereg ass do wierklech unzekommen, deen Départage kloerzemaachen, derfir ze suergen, dass d’Leit matenee schaffen, dass dat och fir Lëtzebuerg op ville Gebidder Neiland ass, dass eis och oft déi néideg Qualifikatioune feele fir dat gutt a schnell ëmzesetzen. Dat ass och e bëssen de Problem vun enger Lëtzebuurger Situatioun, wou d’Réglementatioun ëmmer méi gräift, ëmmer méi schwierereg gött, ëmmer méi komplex gött a wou mer wierklech oft mussen och op international Experten zrëckgräifen, fir dat ëmzesetzen. Dat ass e bëssen, net nëmmen an deem dote Beräich, e Problem, dee mer generell hunn.

Wat d’Zertifizéierung ubelaangt, huet den Här Braz richtig gesot, dass eng Rei vun Zertifizéierung fäerdeg sinn, wat d’Météo ubelaangt, de CNS, also Radarberäich, den AIS. Mä natierlech d’DAC, déi dat elo muss maachen an deem Départage vun den Indépendancen ënnereen, déi waart bis se déi Gesamtzertifizéierung ka maachen, an haaptsächlech geet et jo dann do och ëm den ATC, fir dee Beräich ofzeschlëssen.

Ech mengen, dass mer haut mat dem Gesetz jo och elo eng Rei vu Bedéngungen nach schafen, déi mer brauchen, fir déi Zertifizéierung ze maachen. Businessplang zum Beispill, d’Fiabilitéit kënnen nowiese vun deem, wat hei gesot ginn ass vum Rapporteur a vun lech och. Recetten an Dépensen, déi elo an enger kloer getrennter Gestion séparée mussen opgewise ginn; alles dat muss geschéien.

Ech mengen, dass Dir zum Schluss gesot hutt, et geet net nëmmen ëm d’Gesetz, et geet och drëm sech Dag fir Dag drëm ze këmmere, dass dat elo virugeet. Dat maache mer wierklech an aller Intensitéit, haut nach, gëschter nach, d’lescht Woch nach. Ech géif haut de Pronostic woen, dass mer fir de Mäerz d’Zertifizéierung kënnen ofschlëssen.

Ech mengen, dass dat...

(Interruption)

Wat gelift?

(Interruption)

Jo.

...an engem Kader dann och geschitt, dee gutt ass. Mir hunn zu Bréissel Ausstand gefrot, fir dat ze maachen. Mir sinn iwwregens do net déi eenzeg. Ech mengen, och wann dat wierklech kee Grond soll sinn, fir da lues ze maachen. Mä ech mengen, mir sinn net déi eenzeg, déi Schwiereregkeeten hunn.

Mir sinn iwwregens och net déi eenzeg, déi um Niveau vun den Auditen, wat d’Sécherheet ubelaangt, do ënner Drock sinn. Och op däitsche Flughäfe sinn an deene leschte Wochen Audite gemaach ginn. Déi waren zum Deel och ganz schlecht an de Resultater, wat d’Findings ubelaangt. Mir wäerten awer net - dat kann ech awer hei soen - mar direkt den Artikel 15 géint Däitschland zéien, wa mer déi éischtbescht Geleeënheet kréien. Esou wäerte mer eis net behuelen. Mir hätten och gewënscht, dass déi Däitsch sech deemools am Dezember d’lescht Joer och net esou beholl hätten. Dat ass elo Geschicht.

Mä ech mengen, dass mer déi Zertifizéierung do schnell musse fäerdeg maachen. Ech soen, dat ass en Datum, wou ech haut en Engagement huelen, dass mer dat fäerdeg bréngen. Elo hu mer d’Gesetz. Mer kënnen dann eng ganz Rei vu Saachen och elo fäerdeg maachen, déi et der DAC erlaben, fir zesumme mat där neier Flughäfeverwaltung dann och zu deem Resultat ze kommen. An deem Sënn wëll ech der Chamber Merci soen, dass se Zäit gebraucht huet, mä dass d’Resultat sech awer weise kann.

Merci.

» M. le Président.- Merci, Här Minister. Mir kommen zum Vote iwwert de Projet de loi, dee mer elo diskutéiert hunn.

**Vote sur l’ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel**

De Projet de loi 5742 ass mat 60 Stëmme eestëmmegeg ugeholl.

*Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch, MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers (par M. Marco Schank), Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer (par M. Marc Spautz), Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen (par M. Lucien Thiel), MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt);*

*MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roland Schreiner), John Castegnaro, Mme Claudia Dall’Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch (par Mme Claudia Dall’Agnol), MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider (par M. Marc Angel), Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;*

*M. Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Emile Calmes (par M. Claude Meisch), Mme Colette Flesch (par M. Xavier Bettel), MM. Charles Goerens, Henri Grethen (par M. Alexandre Krieps), Paul Helmingier, Alexandre Krieps, Claude Meisch et Carlo Wagner;*

*MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Viviane Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;*

*MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Jacques-Yves Henckes) et Robert Mehlen (par M. Gast Gibéryen);*

*M. Aly Jaerling.*

Gëtt d’Chamber d’Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

De Projet de loi iwwert d’Établissements classés steet als nächste Punkt op eisem Ordre du jour. Ageschriwwen sinn: den Här Schank, den Här Goerens an den Här Gira. D’Wuert huet fir d’éischt de Rapporteur, den honorabelen Här Roger Negri.



## 9. 5453 - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 10 juin 1999 relative aux établissements classés

**Rapport de la Commission de l’Environnement**

» M. Roger Negri (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, Här Minister, haut stëmme mer iwwert de Projet de loi 5453 of, deen dat modifizéiert Gesetz vum 10. Juni 1999 iwwert d’Établissements classés ofännert, dat am allgemenge Sproochgebrauch als Kommodo-Inkommodo-Gesetz bezechent gött.

Fir d’éischt awer e puer Wieder zur legislativer Prozedur. Den 23. Mäerz 2005 gouf de Projet de loi vum Ëmweltminister déposiert. De 15. Juli 2005 huet de Statsrot säin Avis ofginn. D’Chambre des Employés privés,

d’Chambre des Fonctionnaires et Employés publics, d’Chambre du Travail, d’Chambre de Commerce an d’Chambre des Métiers hunn hir Avisen de 25. Mäerz, den 29. Abrëll, den 20. Juni respektiv de 27. Juni 2005 ofginn.

Den 1. Juni 2006 huet d’Ëmweltkommissioun de Projet de loi an den Avis vum Statsrot analyséiert an e Rapporteur genannt. Den 20. Juni 2006 huet d’Ëmweltkommissioun eng Rei vun Amendementer proposéiert, déi de 26. Juni un de Conseil d’État geschéckt gi sinn. Dobäi sinn eng Rei vu Recommandatioune vum Statsrot aus sengem éischten Avis iwwerholl ginn, awer och e puer nei Elementer abruucht ginn, op déi ech nach spéider zrëckkommen. De 26. September 2006 huet de Statsrot säin Avis complémentaire ofginn, an och d’Chambres professionnelles hunn nach eng kéier Stellung geholl. Den 3. Mee 2007 huet d’Regierung schlusslech nach Amendementer gemaach, zu deenen de Statsrot de 6. November vun dësem Joer säin zweeten Avis complémentaire ofginn huet. De 15. November huet sech d’Ëmweltkommissioun nach eemol mam Projet de loi befaasst an den 3. Dezember de Rapport ugeholl.

Här President, dëse Projet de loi huet also, wéi Der elo héieren hutt, schonn e längere Wee hannert sech. Et ass héich Zäit, dass mir dës Prozedur haut ofschlësse kënnen. Bis Mëtt 2005 hätt d’EU-Direktiv 2003/35 a Saache Kommodo-Inkommodo missen ëmgesat ginn. Well dat bis elo net de Fall ass, goufe mer am September vun dësem Joer vum europäesche Gerichtshaff veruerteelt. De Projet de loi, iwwert dee mer haut ofstëmme, soll dofir suergen, dass mer am Beräich vum Kommodo-Inkommodo erëm konform mam EU-Recht sinn. Et bleiwen dann nach verschidden Aspekter am Beräich Waasser ëmzesetzen am Kader vun där Direktiv.

Bei der Kommodo-Inkommodo-Ëmsetzung aus der Direktiv 2003/35 geet et ëm d’Ëmsetzung vun der sougenannter Aarhus-Konventioun, déi Lëtzebuerg de 25. Juni 1998 ënnerschrifft huet, an déi mer hei an der Chamber den 13. Juli 2005 gestëmmt hunn. Ech erënneren drun, dass d’Aarhus-Konventioun dräi grouss Ziler verfollegt, déi derzou féiere sollen, dass d’Biergerinnen an d’Bierger sech aktiv un der Gestaltung vun der Ëmweltpolitik bedeelege kënnen.

Am éischte Volet geet et drëm de Bierger en direkten Zougang zur Informatioun am Ëmweltberäich ze ginn a si ze encouragéiere vun dësem Recht och gebrauch ze maachen. Op dës Manéier hoffen d’Signataire d’Bierger fir d’Ëmweltproblemer ze sensibiliséieren an hinne bewosst ze maachen, dass si selwer e wichtege Bäitrag zur Ëmweltpolitik leeschte kënnen.

Am Mëttelpunkt vum zweete Volet vun der Aarhus-Konventioun steet d’Participatioun vun de Bierger, wann et ëm wichteg Décisiounen geet, déi d’Ëmwelt betreffen. Bei Projeten, déi en Impakt op d’Ëmwelt hunn, sollen d’Bierger vun Ufank u mat agebonne ginn an net, wéi dat bis elo de Fall war, eréischt um Enn vun der Prozedur.

Den drëtten Volet vun der Aarhus-Konventioun gesäit vir, den Accès zur Justice am Ëmweltberäich ze erliichteren.

Här President, d’Aarhus-Konventioun ass also e wichtege Schrëtt a Saache participativer Demokratie am Ëmweltberäich mat engem optimalen Zougang zur Informatioun mat der Bedeelegung vun Ufank un um Décisiounsprozess a mam Klorecht. Dat schlësst agréiert Ëmweltorganisatioune mat an.

D’Direktiv 2003/35 ännert och zwou aner Direktiven am Sënn vun der Aarhus-Konventioun, déi de Projet de loi vun haut direkt betreffen. Dat eent ass d’Direktiv 85/337 iwwert d’Evaluatioune vum Impakt op d’Ëmwelt vu verschiddene Projeten. An dat anert ass déi sougenannten IPPC-Direktiv 96/61 (Integrated Pollution Prevention and Control). Hei gött d’Participatioun vun de Bierger an den Accès zur Justice nei geregelt am Beräich vun der Kommodo-Inkommodo-Légsliatioun.

Ech gräife konkret hei elo déi véier allerswichtigst Ëmännerungen eraus.

Als éischt ginn d’Kommodo-Inkommodo-Prozeduren exakt un dat ugepasst, wat d’EU-Recht virgesäit. Dat betrëfft virun allem d’Aart a Weis wéi d’Öffentlechkeet agebonne gött. D’Ëmweltkommissioun huet sech, wat d’Prozeduren ugeet, an deem Kader awer och erlaabt nach eng zousätzlech Ännerung iwwer en Amendement mat anzubréngen, andeems se verschidden Délaie vun de Prozeduren ännert, fir den Erfahrungs aus der Praxis Rechnung ze droen. Insgesamt ginn d’Prozeduren dofir net méi laang, éischter méi kuerz. Mir hoffen, dass d’Aarbecht vun deene betreffenden Admi-